# Les Amis de Pirajá


**Numéro 41 – Juillet 2022**

Chers amis luxembourgeois,

Aujourd'hui est un jour très spécial car l'ONG LES AMIS DE PIRAJÁ fête ses 50 ans de services rendus à tous ceux qui sont exclus de la société, ce qui signifie que sa trajectoire a été couronnée de succès.
La mission de servir est ardue, mais nous savons aussi que la joie est plus grande que tous les défis.
Nous voulons adresser notre prière à Dieu pour chacun d'entre vous qui nous permet de continuer à réaliser le plus grand rêve de notre inoubliable Père Emilio Wagner, qui est de prendre soin des moins favorisés à travers l'Association des Œuvres Sociales de la Paroisse de Sao Miguel, créée par lui, qui avait l'habitude de dire
*"Je ne sais pas comment vivre sans la charité".*
Bien plus qu'un sentiment, la gratitude est devenue un geste de plus en plus important, présent dans la vie de chacun de nous. Vous nous inspirez et nous encouragez. Nous vous sommes reconnaissants pour tout ce que vous faites pour notre institution, pour le temps que vous nous consacrez et pour nous avoir toujours accompagnés avec affection, dévouement et en nous soutenant. Ce sont ces gestes qui rendent le chemin plus léger.
Votre contribution, dans la vie de chaque personne bénéficiaire des projets, crée un sentiment de gratitude qui se perpétue dans le vécu et la mémoire de chacune de ces personnes.
La présence vivante de Dieu est évidente dans les gestes de charité, de générosité et de don. De cette façon, l'ONG LES AMIS DE PIRAJÁ répand dans la société de Simões Filho la véritable charité. Nous demandons à Dieu de continuer à les bénir, car la voie du service et de l'amour prêchée par le Christ devient vivante dans notre communauté, dans les actions que les projets réalisent.
Nous attendons avec impatience cet événement, je voudrais vous exprimer tout mon bonheur et ma gratitude pour ce moment et souhaiter que les célébrations là-bas, soient pleines de moments spéciaux et illuminées par le Seigneur.
L'Association São Miguel en la personne de M. Edésio, le conseil d'administration, les employés, l'équipe technique, les bénévoles et les assistés expriment à tous les membres de l'ONG Les Amis de Pirajá nos félicitations et notre gratitude infinie pour tout ce qu'ils font pour notre Institution.

*Edésio de Souza Conceição*
*Président de l'Association des œuvres sociales de la Paroisse St Michel*





D'Kanner an déi eeler Leit aus eise Projeten hunn déi selwecht Zäit wéi mir a Brasilien gefeiert.


















Photos: Pierre Wilmes

## 50 Joer Les Amis de Pirajá

## Ad multos annos !

Et hat e bësse Krämpes kascht, mee de 14. Mee huet et dunn endlech geklappt. Am Festsall vun de Franziskanerinne konnte mir de 50. Anniversaire vun den Amis de Pirajá feieren. Am Fong hätte mer schonn dat lescht Joer sollte feieren, mee d'Pandemie huet eis leider ëmmer nees e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

Et war nämlech am Joer 1971, wou d'Märeler Scouten, mat der Ënnerstëtzung vun der ganzer Famill Wagner, decidéiert hunn, dem Padre Emilio Wagner säi Wierk a Brasilien finanziell ze ënnerstëtzen. Dat war den Ufank vun den Amis de Pirajá. An all deene Joere konnt ville Leit zu Simões Filho a Brasilien gehollef ginn. An den éischte Joeren, bis zum Doud vum Emile am Joer 1999, war et eng direkt finanziell Hëllef, déi et him erlaabt huet, eng ganz Rei Projeten ze realiséieren. An all deene Joere sinn 12 Schoule gebaut ginn, et sinn e sëllegen Haiser opgeriicht oder renovéiert ginn, et si Liewensmëttel, Kleeder, Medikamenter a Waasserfilteren a Villes méi ausgedeelt ginn, a Sozialdéngschter sinn op d'Bee gesat ginn.



Och wann dem Emile säi vill ze fréien Doud eng déifgräifend Zäsur war – fir eis, awer och fir d'Leit dohannen -, esou ass et awer weidergaangen. Mir konnte weider hëllefen. Zesumme mat der Associatioun „Obras Sociais da Paroquia São Miguel", déi den Emile nach virun sengem Doud gegrënnt hat, fir datt si spéider eng Kéier d'Relève sollt iwwerhuelen. Mat Betounung op spéider. Well keen hat dermat gerechent, datt de Padre Emilio eis esou fréi géif verloossen. D'Zesummenaarbecht war am Ufank alles anescht wéi einfach. Et sinn zwou Welten openee getraff, mir hunn eis fir d'éischt emol misse kenne léieren. Béid Säiten hunn misse Vertrauen opbauen. Mee et ass weidergaangen. Mir konnte weider hëllefen.

Zanter dem Joer 2000 sinn 12 vum Kooperatiounsministär kofinanzéiert Projete realiséiert ginn, et sinn 21 Hëllefsaktiounen am Kader vum Missiounsdag lancéiert ginn a Villes méi. Mir hunn och mat der ONG „Les Amis Ayudame" vu Conter zesummengeschafft a gemeinsam Projete op d'Bee gestallt.



Bei der klenger Feier zu eisem 50. Anniversaire, un der eng ganz Rei vun eise Memberen deelgeholl hunn, huet eis d'Präsidentin Andrée Maquil déi verschidden Etappe vun eiser Associatioun nach eng Kéier Revue passéiere gelooss an all deene villen treien Donateuren nach eng Kéier fir hir Ënnerstëtzung Merci gesot: „Loosse mer mat Zouversiicht an eng nei, eng aner Zukunft kucken."

Och den éischte Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg, de Serge Wilmes – e Märeler Jong, deen d'Wierker vun eiser ONG zanter senger Kandheet kennt - huet den Amis de Pirajá a sénger Usprooch alles Guddes fir d'Zukunft gewënscht an nach eng Kéier un dat grousst Engagement vun de Märeler, awer och vun deene ville Sympathisanten aus dem ganze Land erënnert.

Madame Astrid Holzem vu „Les Amis Ayudame" vu Conter huet an hirer Ried op déi gutt Zesummenaarbecht verwisen.

Bei eiser Feier am Klouschter vun de Franziskanerinne sinn awer net nëmme Riede gehale ginn. Lass gaangen ass et mat engem flotte Concert vum „Kannerchouer Péckvillercher Hoen-Klengbetten" ënnert der Direktioun vun der Madame Pia Elvinger. Duerno hunn d'"Chorales d'Hommes Réunies Luxembourg" ënnert der Leedung vum Fos Schuster eis e schéine Ständche gesongen. Bei engem gudde Pättchen an engem Stéck vum Gebuertsdagskuch blouf herno nach Zäit fir mateneen ze poteren an déi eng oder aner Erënnerung un déi lescht 50 Joer auszetauschen.

*Vum **Dani Schumacher** fir eis geschriwwen*

**<u>Extrait du compte-rendu de l'assemblée générale des Amis de Pirajá, tenue le 28 mars 2022</u>**

Le rapport financier en EUR, se présente comme suit :

| | |
|---|---|
| **<u>Revenus</u>** | |
| Vente de marchandises | 7.735,40 |
| Cotisations des membres | 540,00 |
| Dons | 31.792,92 |
| Collectes | 235,00 |
| Subventions gouvernementales et autres | 5.500,00 |
| Intérêts perçus | 16,66 |
| | **<u>45.819,98</u>** |
| **<u>Dépenses</u>** | |
| Achat de marchandises | 1.940,89 |
| Matériel de bureau | 219,60 |
| | **2.160,49** |
| <u>Projets cofinancés par l'Etat</u> | |
| Personnes âgées | **2.212,79** |
| <u>Projets Amis de Pirajá</u> | |
| Education petite enfance | 15.000,00 |
| Rénovation CERFAM | 18.000,00 |
| Chèques mensuels | 9.000,00 |
| Action « Missiounsdag » | 5.455,00 |
| | **47.455,00** |
| Frais de compte | 484,88 |
| Frais administratifs | 3.290,72 |
| | **3.775,60** |
| **Total dépenses** | **<u>55.603,88</u>** |
| **Excédent de dépenses :** | **9.783,90** |

Le rapport des vérificateurs de comptes a été approuvé à l'unanimité.

Le budget 2022, approuvé par l'assemblée générale, prévoit des dépenses pour 102.250€, financés par des dons et cotisations (30.600€), par des recettes du « Missiounsdag 2022 » (8.000€) ainsi que par des subventions de 5.500€. L'excédent de dépenses de 58.150€ est couvert par les réserves financières de l'ONG « Les Amis de Pirajá ».

*John Weber*